

# Fränkésche Sprachwierders-kalenner fir 't Jor 1990

Ce calendrier comporte pour chacun des 365 jours de l'année 1990 un proverbe ou dicton, reflet de la sagesse populaire des pays de langue francique luxembourgeoise. Si certains représentent des idées dépassées à l'heure actuelle, leur ensemble constitue un trésor culturel d'une valeur inestimable et irremplaçable.


**Collectage :** Albert-Louis PIERNET avec l'aide de la brochure «2500 Spréch a Spréchwierder», éditée en 1986 par Laure WOLTER.

**Graphisme :**Marcel KONNE.

Sur chaque page, vous trouverez une reproduction d' une carte postale ancienne d'un village de l'Arelerland.

Les cartes reproduites dans ce calendrier nous ont été aimablement prêtées par M. Gaby THOMMES d'Arlon (Arel) et sélectionnées pour vous par Mme Simone CLESSE de Sampont (Sues).

Ce calendrier a été réalisé et édité par **Hemechtsland a Sprooch** association pour la promotion et la défense de la culture francique luxembourgeoise.




ARELER LAND A SPROOCH

# 1990

*As Pauls Bekéierong*
*Hell a Klor*
*Dun hoffe mer*
*op e gutt Jor.*

## Arel : De Spidol

# Januar - Haartmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | *Al Frae, jong Männer : Sënne gewëss ; al Männer, jong Fraen : Kanner gewëss* | Neijooschdag |
| Dënschdeg | 2 | *Alles mat Mooss.* | Addalar |
| Mëttwoch | 3 | *Alles wat otemt, iirt* | Wewa - Wewi |
| Donneschdeg | 4 | *All Fro as eng Äntwert wäärt* | Rigobär |
| Freideg | 5 | *All Gielchen huet säi Revers.* | Edi - Gerlach |
| Samschdeg | 6 | *All Mann as de Jong vun enger Fra* | Mëlani - Melli |
| **Sonndeg** | **7** | *All Mënsch dréit eng Melodi a sech, duerfir mussen d'Éien harmonéieren* | Dräikinneksdag |
| Méindeg | 8 | *All Muerge bréngt Suergen.* | Luss |
| Dënschdeg | 9 | *Am Glas erdrénken der méi ewéi am Mier* | Allix |
| Mëttwoch | 10 | *Am Härendéngscht as et 't Bescht 't huet een e Klauschter um Monn* | Wëllem |
| Donneschdeg | 11 | *An der Fotell ësst een nët - et rascht een.* | Paulin |
| Freideg | 12 | *Anerleits Brout siedegt däi Bauch nët* | Elred |
| Samschdeg | 13 | *A schlechten Zäite sin d'Frënn wäit* | Ivett - Hillär |
| **Sonndeg** | **14** | *Aueren a Stonne sin ongläich* | Fléx |
| Méindeg | 15 | *Aus engem klenge Fonken entsteet dacks e grousst Feier* | Rëmi |
| Dënschdeg | 16 | *Aus näischt gët näischt.* | Muerzel |
| Mëttwoch | 17 | *Beim Freien a beim Päärdshandel heescht et d'An opdun* | Antoun |
| Donneschdeg | 18 | *Beim Fréisser deen nët schimmeg, do gët 't Brout esou bal nët rimmeg* | Liber |
| Freideg | 19 | *Besser fräi an der Friemt ewéi Kniecht doheem.* | Wulstan |
| Samschdeg | 20 | *Besser mam Fouss ewéi mat der Zong ausgerëtscht.* | Baschtian |
| **Sonndeg** | **21** | *Besser schlecht gefuer ewéi stolz gaang.* | Agnis |
| Méindeg | 22 | *Bestued, beklaakt - begrueft, gelueft* | Vinz |
| Dënschdeg | 23 | *Bis datt bei munchem eng Späicherliicht opgeet, as den Dag scho laang eriwwer* | Illefooss |
| Mëttwoch | 24 | *D'Aarbecht hält äis dräi Ploe vum Leif : d'Laangweil, d'ondugend an de Begier.* | Fras |
| Donneschdeg | 25 | *D'Affekoten an d'Zaldoten, sin dem Däiwel séng Spillkomroden.* | Pauls Bekéierong |
| Freideg | 26 | *Dat Bescht dréint ee vir, dann as et beihand.* | Pola |
| Samschdeg | 27 | *Dat bescht Mëttel fir eis jonk z'erhalen, as eng al Frëndschaaft.* | Anjhel |
| **Sonndeg** | **28** | *Dat Deiert as nach ëmmer dat Bëllegst.* | Tommes |
| Méindeg | 29 | *«Dat kënnt erëm», sot de Bauer, dun huet e séng Schwäi mat Speck gefiddert* | Jhildes |
| Dënschdeg | 30 | *Däi Wëllen - mäi Fridd* | Battil |
| Mëttwoch | 31 | *D'Doktere sin dem Härgott séng Flécker.* | Marsëli |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




1990

*De Februar baut munnech Bréck*
*De Määrz brécht hinnen 't Genéck*

## Wiisbech : Um Wee.

# Februar-Spiirkel

## Kazemount-Schnéimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | *D'Dommheet an d'Tockegkeet gi mateneen* | Sijhisbär |
| Freideg | 2 | *D'Dreem vun de Kaze si voll Mais.* | **Liichtmesdag** |
| Samschdeg | 3 | *De Begier mécht schéi wat ellen as* | Blasi |
| **Sonndeg** | **4** | *Dee Bire mat séngem Meeschter ësst, däärf nët déi Bescht wielen.* | Vronni |
| Méindeg | 5 | *Dee bleift bei der éischter Éi, dee kennt weder Usch nach Wéi* | Agätt |
| Dënschdeg | 6 | *Dee fir Edem wëllt goen, dee muss aacht Deeg kënnen am Drëpschlag stoen* | Gasti |
| Mëttwoch | 7 | *Dee gutt Feier am Uewen huet, méngt 't wär iwwerall waarm.* | Ujhënni |
| Donneschdeg | 8 | *Deen als Efalt fortgeet, kënnt als Dabo erëm* | Jhërrem |
| Freideg | 9 | *Deen am Liewe dreemt, erlieft ni wat en dreemt* | Aplouni |
| Samschdeg | 10 | *Deen an den Zänn stëppelt, huet nach laang nët ëmmer Fleesch giess* | Arno |
| **Sonndeg** | **11** | *Deen den Dubbel nët uecht, kënnt nët zum Steiwer* | Giergen |
| Méindeg | 12 | *Deen dës Däiwels gewinnt as, deem fällt d'Häll nët schwéier* | Ludan |
| Dënschdeg | 13 | *Deen Dommste brëllt de Gescheitsten doud* | Ermesind |
| Mëttwoch | 14 | *Deen een huet den Duuscht, deen aneren de Béier, deen aneren 't Geld* | Välten |
| Donneschdeg | 15 | *Deen op engem Doudege séng Schong waart, ka laang buerféiss lafen* | Glued |
| Freideg | 16 | *Dee säi Schiet fäärt, huet Grond derzou* | Jhulli |
| Samschdeg | 17 | *Dee sech entschëllegt, klot sech un* | Fintan |
| **Sonndeg** | **18** | *Dee sech eréischt e Bur grieft wann en duuschtreg as, erdiichtert* | Wunnibald |
| Méindeg | 19 | *Dee vill Brach ësst, muss de Mond zouhalen.* | Bounefaz |
| Dënschdeg | 20 | *Dee vill schafft, denkt nët un den Doud* | Léifchen |
| Mëttwoch | 21 | *Dee vu ville gefaart as, muss der vill fäärten* | Rejhinald |
| Donneschdeg | 22 | *De Fësch muss dräimol schwammen : am Waasser, am Fett, am Wäin* | Babett |
| Freideg | 23 | *Déi Al konnten och laachen a këssen, ma dovu wëlle se am Alter näischt méi wëssen* | Lazert |
| Samschdeg | 24 | *Déi bescht Gedanke kommen hanneno.* | Edelbär |
| **Sonndeg** | **25** | *Déi bescht Manéier engem Feind lasszegin : e Frënd aus ëm man* | Adeltrud |
| Méindeg | 26 | *Déi Doudeg léisst ee rouen* | Walbreg |
| Dënschdeg | 27 | *Déi hongreg Fléi bäisse schaarf* | **Fuesdënschdeg** |
| Mëttwoch | 28 | *Déi kleng Déif gi gehaang, déi grouss léisst ee lafen* | **Äschemëttwoch** |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

# 1990

*Zank Gertraud*
*gët de Beien de Flock*
*an hieft de Schof d'Krëpp op.*

## Éibéng : Kéi op der Dränk.

# Määrz - Lenzmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | *Déi meescht bessere sech, mee se bleiwe wéi se sin* | Sultbär |
| Freideg | 2 | *De Mann huet Ae fir ze gesinn an d'Fra huet Ae fir gesinn ze gin* | Scharel |
| Samschdeg | 3 | *Dem Eelste gebiert Éier.* | Kunni |
| **Sonndeg** | **4** | *De Mënsch lieft nët eleng vum Brout* | Ounesonndeg - Buurgsonndeg |
| Méindeg | 5 | *Den Aarmutt an d'Nout sin d'Resender vum Doud* | Liff |
| Dënschdeg | 6 | *Den Alter kënnt mat allerlee.* | Schrodegang |
| Mëttwoch | 7 | *Den Dar kritt esou vill Waasser ewéi d'Rous* | Feli |
| Donneschdeg | 8 | *Den Dokter hëlt et vun de Liewegen, de Paschtouer vun den Doudegen* | Jhang |
| Freideg | 9 | *Den Dreck leeft bis en zesumme kënnt.* | Frasel |
| Samschdeg | 10 | *Den Éiestand heescht hellge Stand, well esou vill Märtyrer dra sin* | Anastasi |
| **Sonndeg** | **11** | *Den éischte Verloscht as dee klengsten.* | Bounesonndeg |
| Méindeg | 12 | *Den Ënneschten huet de Belaascht* | Maximilian |
| Dënschdeg | 13 | *Der Däiwel kuckt zum Schaaschtesch eran, wann d'Fra sonndes d'Schong wichst* | Roddi |
| Mëttwoch | 14 | *Der Däiwel séng Stiwwele mae kee Kaméidi* | Matill |
| Donneschdeg | 15 | *Der Doud huet keng Mol.* | Lusi |
| Freideg | 16 | *Der Fra hir Tréine si vill wäärt a kaschten näischt.* | Benes |
| Samschdeg | 17 | *Dës Wieder an anerleits Kanner soll ee sech nët bekëmmeren* | Gertraud |
| **Sonndeg** | **18** | *D'Fëscher an d'Jeër schwätzen eng Sprooch.* | Krounesonndeg |
| Méindeg | 19 | *D'Fett wëllt uewe schwammen* | Jhosi |
| Dënschdeg | 20 | *D'Fléi sprange méi héich ewéi 't Nilpäärd* | Herbär |
| Mëttwoch | 21 | *D'Frae spueren am klengen a maachen am groussen drop* | Kléimi |
| Donneschdeg | 22 | *D'Fra huet den Alter dee se sech gët* | Lea |
| Freideg | 23 | *D'Fra verléisst sech op 't Kräischen - Den Déif op 't Leien.* | Rebeka |
| Samschdeg | 24 | *D'Gänse mussen 't éischt d'Plaume loossen, derlescht de Kapp* | Ademar |
| **Sonndeg** | **25** | *D'Gebräicher wiessele mat de Leit* | Bratzelsonndeg - Hiirkesonndeg |
| Méindeg | 26 | *D'gebroden Dauwe komme kengem an de Mond geflunn* | Dismes |
| Dënschdeg | 27 | *D'Gecken an d'Nare sin nët weis* | Erkebald |
| Mëttwoch | 28 | *D'Gedold as d'Konscht ze hoffen.* | Ruppert |
| Donneschdeg | 29 | *D'Gedold mécht d'Diren all op* | Jounes |
| Freideg | 30 | *D'Gromperen ësst een an d'Kotlette léisst ee stoen.* | Amede |
| Samschdeg | 31 | *D'Haaptsaach 't as ee gesond an d'Fra huet Aarbecht* | Benni |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




*Abréllsreen, kënnt dem Bauer geleën.*

1990


## Walzeng : D'Groussgaass.

# Abréil-Gecksmount

## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | D'Hären an d'Honn verdéngen hiirt Brout mam Monn | Ellesonndeg |
| Méindeg | 2 | D'Hoffnong as e Seel un deem mer äis doud zéien | Teo |
| Dënschdeg | 3 | D'Hoffnong as wéi Zocker am Kaffi : sou kleng s'och as, se kann alles verséissen | Rich |
| Mëttwoch | 4 | D'Jhalusi bréngt et fäärdeg, datt de Kéihond sech an d'Poppebett vum Schousshëndchen dréckt | Isi |
| Donneschdeg | 5 | D'Jore gin an den Efalt bleift | Vinz |
| Freideg | 6 | D'Kaart as dem Däiwel säi Gebietbuch | Marseli |
| Samschdeg | 7 | D'Kalwer déi gutt saufe friessen nët vill | Jhangbatt |
| **Sonndeg** | **8** | D'Kaméil gesäit séng ege Knupp nët, ma 't gesäit déi vu séngem Brudder | Pällemsonndeg |
| Méindeg | 9 | D'Kanner solle maache wéi de Papp an der Mamm follechen | Waldi |
| Dënschdeg | 10 | D'Kaze loossen 't Mausen nët | Fulber |
| Mëttwoch | 11 | D'Kaz fréisst gär Fësch awer se fäärt 't Waasser | Stanni |
| Donneschdeg | 12 | D'Klack déi séngt as duurch 't Feier gaang. | Gréngen Donneschdeg |
| Freideg | 13 | D'Klack rifft an d'Kiirch, geet awer nët dran | Karfreideg |
| Samschdeg | 14 | D'Konscht jäizt no Brout | Karsamschdeg |
| **Sonndeg** | **15** | D'Kugelen treffen nët all, soss wëllt der Däiwel och Zaldot sin | Ouschterdag |
| Méindeg | 16 | D'Laangweil as eng Kränkt déi duurch d'Aarbecht kuréiert gët | Benn |
| Dënschdeg | 17 | D'Léift bedréit | Villis |
| Mëttwoch | 18 | D'Léift geet duurch de Mo. | Apel |
| Donneschdeg | 19 | D'Léift gët mat Léift bezuelt | Emma |
| Freideg | 20 | D'Léift huet hir ege Sprooch ; d'Éi kënnt op d'Hemechtssprooch zréck | Odda |
| Samschdeg | 21 | D'Leit schwätze vill wann den Dag laang as | Anselm |
| **Sonndeg** | **22** | D'Leit sin nët ëmmer wat se schengen | Lex |
| Méindeg | 23 | D'Leit solle Kanner hun an 't as keent zevill. | Jhorsch |
| Dënschdeg | 24 | D'Iescht Drëps deet 't Glas iwwerlafen | Fiddi |
| Mëttwoch | 25 | D'Maansleit droen de Schäin an d'Fraleit d'Box. | Maarks |
| Donneschdeg | 26 | D'Mass fänkt nët u bis den Här do as. | Alda |
| Freideg | 27 | D'Männer bestuede sech well se midd sin, d'Fraen aus Virwëtz | Zitta |
| Samschdeg | 28 | D'Männer déi d'Fraen nët gär hun an déi nët fëmmen, sin och fir soss näischt ze gebrauchen | Walleri |
| **Sonndeg** | **29** | D'Männer solle vun allem z'iesse kréien, mä si brauchen nët alles ze wëssen | Katräin |
| Méindeg | 30 | D'Mécken erkennen de Mëllechmann. | Hellegard |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ



Messancy Scène champetre

*E Beieschwaarm am Mee, as e Fudder Hee wäärt.*

1990

Miezeg : De Gäässenhart.

# Mä-Oktavsmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dënschdeg | 1 | *D'Mëllech beim Kachen an d'Kanner beim Feier daarf een nët eleng loossen* | Sijhismond |
| Mëttwoch | 2 | *D'Mooss bleift sele beim Faass stoen* | Galber |
| Donneschdeg | 3 | *D'Natur zitt méi staark ewéi siwwe Päärd* | Flëpp - Jhak |
| Freideg | 4 | *D'Nout as der Léift hiren Doud* | Zilwes |
| Samschdeg | 5 | *Dräi Gäns an ee Framënsch maachen de Maart* | Hillar |
| **Sonndeg** | **6** | *Dro de Kapp nët ze héich, da stéiss de nët un* | Fliederschersdag |
| Méindeg | 7 | *D'Rous huet als Feind den Dar* | Jhisäl |
| Dënschdeg | 8 | *Du solls den Dag nët virun Owend luewen* | Idda |
| Mëttwoch | 9 | *D'Wéi an d'Lued sin aus engem Holz* | Hiermes |
| Donneschdeg | 10 | *D'Welt wär gesond, wa jiddereen all Dag nëmmen ee gutt Wierk géng man* | Solânsch |
| Freideg | 11 | *D'Wouerecht seet hiirt kuurz a gutt, d'Lige mécht Gedeessems* | Jhângu |
| Samschdeg | 12 | *E bëssche Gal mécht vill Hunneg batter* | Pankraz |
| **Sonndeg** | **13** | *«Ech hu vill ze soen», behaapt de Fësch, «mä ech hun de Mond voll Waasser»* | Mammendag |
| Méindeg | 14 | *E Feler duurch eng Lige verstoppen as esou vill ewéi e Fleck duurch e Lach ersetzen* | Mätti |
| Dënschdeg | 15 | *E Fraleitsmond muelt Millesteng, eng Fraleitszong kritt alles reng* | Ruppert |
| Mëttwoch | 16 | *E Frënd as e Mënsch deen honnertmol mëssfällt, fir eemol nëtzlech ze sin* | Ubald |
| Donneschdeg | 17 | *E Gäizegen as e Mënsch, deen onbedéngt wëll aarm liewen, fir räich ze stierwen* | Paskal |
| Freideg | 18 | *E Gäizhals an e fett Schwäin sin eréischt nëtzlech bei hirem Doud* | Rick |
| Samschdeg | 19 | *E gescheite Fuuss streckt de Kapp och emol an d'Fal* | Iff |
| **Sonndeg** | **20** | *E gudde Frënd as méi wäärt ewéi honnert Koséngen* | Nordi |
| Méindeg | 21 | *E gutt Feier brennt sech lass* | Koostang |
| Dënschdeg | 22 | *En ale Fouermann héiert nach gär klaken* | Emil |
| Mëttwoch | 23 | *En Eed vum Freier as nët deier* | Gibbert |
| Donneschdeg | 24 | *Eng eidel Scheier kennt keng Maus* | Kristihimmelsfaart |
| Freideg | 25 | *Eng falsch Frëndschaaft gläicht eng Sandbänk* | Soffi |
| Samschdeg | 26 | *Eng Fra mat enger Bloder op der Zong hält de Mond* | Mariann |
| **Sonndeg** | **27** | *Eng Fra seet neen a wénkt jo* | Stinn |
| Méindeg | 28 | *Eng Fra vu fofzeg mécht alles fir hire Mann, eng vun zwanzeg näischt* | Jhermîn |
| Dënschdeg | 29 | *Eng Freiesch as Mëllech, eng Braut Botter an eng Fra Kéis* | Maximäin |
| Mëttwoch | 30 | *Eng fromm Fra as d'Kroun vun hirem Mann* | Ferd |
| Donneschdeg | 31 | *Eng kuuschteg Fra am Stod as garschteg an de Rieden* | Lotréngen |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ

ARELER LAND A SPROOCH

1990


MARTELANGE. — Hotel de la Maison Rouge. 2 Edit. L. Duparque, Florenville.

*Reent et op Barnabas, schwammen d'Drauwe bis an 't Faass.*

## Martel : D'Hôtel Maison Rouge.

# Juni - Broochmount
## Rousemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | *Eng verléifte Freierei deet e Meedche sech bestueden* | Jhust |
| Samschdeg | 2 | *E schlechte Bauer deen 't Jor keng zéng Pond Dreck verdréit* | Blândin |
| **Sonndeg** | **3** | *Et as nach kee Fëscher mat dräi Häre begruewe gin.* | **Päischten** |
| Méindeg | 4 | *Et as nët esou schwéier fir e Frënd ze stierwen as wéi een ze fannen, deen et der wäärt as.* | Klottil |
| Dënschdeg | 5 | *Et fënnt ee weder en Hues ouni Lach nach eng Fra ouni Ausried.* | Bounefaz |
| Mëttwoch | 6 | *Et gët keng Ëi déi perfekt as, et muss ee se all Dag ausbesseren a verbesseren* | Norri |
| Donneschdeg | 7 | *Et gët keng Ëil déi nët hofft enges Dags Schellfësch ze gin.* | Jhilbes |
| Freideg | 8 | *Et kann een d'Mënschen entbieren, mä 't brauch een e Frënd.* | Muedert ○ |
| Samschdeg | 9 | *Et muss een d'Eise schmidden esou laang wéi et waarm as.* | Diana |
| **Sonndeg** | **10** | *Et soll een nët méi drénken as wéi ee verdroe kann.* | **Pappendag. Dräifaltegkeetsdag** |
| Méindeg | 11 | *Feier a Waasser si gutt Dénger, awer schlecht Hären* | Barnabas |
| Dënschdeg | 12 | *Fir d'Duechter ze kréien, muss een d'Mamm freien.* | Guido |
| Mëttwoch | 13 | *Fir den Dank, de Gestank* | Antoun |
| Donneschdeg | 14 | *Fir d'Freiesch as dem Freier näischt ze schéin an näischt ze deier.* | Ruffin |
| Freideg | 15 | *Fir e jonge Mann sin all Frae jonk; fir en eleren, nëmmen déi Jonk* | Väit |
| Samschdeg | 16 | *Fra a Mann as ee Gespann* | Lutgard ◑ |
| **Sonndeg** | **17** | *Fréi gefreit, sele bereit* | **Zerläichendag** |
| Méindeg | 18 | *Fréi opgestan, mécht den Dag laang* | Lissbett |
| Dënschdeg | 19 | *Frëndschaaft as Léift mat Verstand.* | Romm |
| Mëttwoch | 20 | *Frënn fannen as liicht, Frënn behale schwéier.* | Zilwer |
| Donneschdeg | 21 | *Froen a Kréien as zweeërlee* | Ruddi |
| Freideg | 22 | *Fro no ménger Dugend, nët no der Faarf vu ménger Haut.* | Albani ● |
| Samschdeg | 23 | *Gecke gët et iwwerall, souguer am Asyl* | Edeltrud |
| **Sonndeg** | **24** | *Geld ewech gin as méi liicht ewéi ës verdéngen* | Jhangbatt |
| Méindeg | 25 | *Geld mécht déi Gräisslech schéin an déi Gebocklech riicht* | Prosper |
| Dënschdeg | 26 | *Geschitt as geschitt* | Antel |
| Mëttwoch | 27 | *Geschwënnegkeet as keng Hexerei* | Fern |
| Donneschdeg | 28 | *Gesondheet as Räichtom* | Renni |
| Freideg | 29 | *Gewalt brécht Eisen* | Péiter - Pol ◐ |
| Samschdeg | 30 | *Gin an erëmgeholl as gestuel.* | Adlëf |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




Arel : D'Siesselecherstrooss.


1990

Jakobsdag
gin Äppel an de Saaft.

# Juli-Heemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Sonndeg** | **1** | *Gonscht geet iwwert Konscht* | Didderech |
| Méindeg | 2 | *Gromperen a Brach as en Häreniessen* | Otto |
| Dënschdeg | 3 | *Guddes man mécht de Geldsak nët méi liicht* | Tommes |
| Mëttwoch | 4 | *Gutt iessen, drénken, Appetit, dat schléit iech ëmmer an 't Geblitt.* | Bert |
| Donneschdeg | 5 | *Gutt mécht Mutt* | Antoun - Mari |
| Freideg | 6 | *Ha nët ze héich, da spréngt der kee Spoun an 't A* | Godléif |
| Samschdeg | 7 | *Haut as u mir, mar un dir* | Willibald |
| **Sonndeg** | **8** | *Haut wéi-s de 't gären häss, mar wéi-s de 't verdéngs* | Donatiisdag an Areler Kiirmes |
| Méindeg | 9 | *Häregonscht a Vullegesank klénkt schéin, mä 't dauert nët laang* | Veronika |
| Dënschdeg | 10 | *Hei e Läppchen an do e Läppchen, gët um Enn eng Kannerkäppchen* | Ulréch |
| Mëttwoch | 11 | *Hellechte man a Meed verdangen, dovu soll een d'Fanger loossen.* | Olga |
| Donneschdeg | 12 | *Hëllefs du mir, dann hëllefen ech dir* | Donatiismass fir d'Dierfer |
| Freideg | 13 | *Hongereg Lais bäissen uerg.* | Héng |
| Samschdeg | 14 | *Huesen ausgesat as e Bengel an de Bam gehäit.* | Kammill |
| **Sonndeg** | **15** | *Hunneg gët och alt sauer* | Anemrei |
| Méindeg | 16 | *Iren as mënschlech* | Madlän |
| Dënschdeg | 17 | *Iwwerfloss mécht Iwwerdross* | Lotti |
| Mëttwoch | 18 | *Iwwerlee der muerges wat-s de ze din hues an owes wat-s de gedun hues.* | Freddi |
| Donneschdeg | 19 | *Jidderee wëllt e Frënd hun, awer kee gët sech d'Méi een ze sin* | Arsenn |
| Freideg | 20 | *Jiddermanns Frënd, jiddermanns Geck.* | Maargréit |
| Samschdeg | 21 | *Jidferee muss eng Kéier dru glewen.* | Vicki |
| **Sonndeg** | **22** | *Jidferengem säin Handwierk.* | Wandrill |
| Méindeg | 23 | *Jonge git freien, amplaz hannert dem Uewen ze leien* | Gitt |
| Dënschdeg | 24 | *Jonkt Blutt spuer däi Gutt, am Alter deet et gutt.* | Krëschtel |
| Mëttwoch | 25 | *Jonktem as nët mat Geld ze kafen* | Jhokes |
| Donneschdeg | 26 | *Kaf keng Kaz am Sak.* | Ann |
| Freideg | 27 | *Kaf nët mat déngen Oueren, mä mat déngen An* | Nattali |
| Samschdeg | 28 | *Kappaarbecht as schwéier, dat gesäit een um Uess* | Wéckes |
| **Sonndeg** | **29** | *Kee gréissert Kräiz ewéi en Hauskräiz* | Marta |
| Méindeg | 30 | *Kee Kräiz keen Himmel, kee Brout keng Grimmel* | Pir |
| Dënschdeg | 31 | *Keelt as nët ëmmer Stolz a Scheiheet as nët ëmmer Dommheet.* | Ignaz |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




Weller : D'Lonkegerstrooss.

ARELER LAND A SPROOCH

1990

*Wéi 't Wieder op Baartelmës*
*Sou bleift et de ganzen Hierscht.*

# August-Huewermount

## Aascht-Karschnatz

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | *Këmmer dech ëm Däint, da kënns de nët a Mäint* | Fooss |
| Donneschdeg | 2 | *Klacken déi zevill ramoueren, dun äis wéi an den Oueren* | Usch |
| Freideg | 3 | *Kleng awer reng* | Liddi |
| Samschdeg | 4 | *Kleng Kësselen hu grouss Oueren* | Jhang - Marri |
| **Sonndeg** | **5** | *Kraache Karen daueren am längsten* | Abbel |
| Méindeg | 6 | *Kuurz an déck huet kee Geschéck, laang a schlank huet kee Gank* | Oswald |
| Dënschdeg | 7 | *Laang gedëllt, ëmmer nach geschëllt* | Dëmmi |
| Mëttwoch | 8 | *Léiwer haut ewéi mar.* | Jhänni |
| Donneschdeg | 9 | *Looss goe wat geet, looss stoe wat steet, da gët der näischt leed* | Léif |
| Freideg | 10 | *Loosst iech jonk hänken, da gët der nët al.* | Luerenz |
| Samschdeg | 11 | *Mam Geld eleng as een nach keen Här* | Kläärchen |
| **Sonndeg** | **12** | *Mat enger Drëps Hunneg fänkt ee méi Mécken ewéi mat enger Liter Gal.* | Klariss |
| Méindeg | 13 | *Mat enger klenger Iel kann een och vill miessen* | Hipp |
| Dënschdeg | 14 | *Mat Geld bestued ee sech nët, mä 't as ee kamoude Miwwel am Häus* | Arend |
| Mëttwoch | 15 | *Mat groussen Hären as nët gutt Kiischten iessen, se späizen engem d'Steng an 't Gesiicht* | Léiffrakrautdag |
| Donneschdeg | 16 | *Mat vill Gedold gët aus dem Bongert Gebeess* | Roukes |
| Freideg | 17 | *Munchereen zéit den Hallem aus dem Waasser a léisst de Bausch Stréi fortschwammen* | Hiazint |
| Samschdeg | 18 | *Muncheree war fréier den Hunn am Kuerf an as haut gepléimt a verstouss.* | Hëlli |
| **Sonndeg** | **19** | *Näischt as näischt a bleift näischt* | Gerrech |
| Méindeg | 20 | *Näischt soen as och eng Äntwert* | Bern |
| Dënschdeg | 21 | *Neie Kascht mécht neien Honger* | Krëschtoff |
| Mëttwoch | 22 | *Nëmmen däin Nol kraazt dech gutt.* | Siffert |
| Donneschdeg | 23 | *Nu bas de mam Kapp duurch d'Mauer gaang a wat méchs d'elo am Nopeschzëmmer?* | Rëselchen |
| Freideg | 24 | *Och eng kleng Go mécht Freed* | Baartel |
| Samschdeg | 25 | *Onrecht Gutt deet nët gutt, sot de Kantonnier, dun hat en d'Pai verluer.* | Lui |
| **Sonndeg** | **26** | *Op en Dëppe wat kacht flitt keng Méck* | Herlwin |
| Méindeg | 27 | *Op eng domm Fro gehéiert eng domm Äntwert.* | Monika |
| Dënschdeg | 28 | *Ouni Fleesch, arem Kreesch* | Auguschtin |
| Mëttwoch | 29 | *Ouni Frënn liewen - ouni Zeie stierwen* | Medrech |
| Donneschdeg | 30 | *Richteg Frënn streide mateneen a verdroe sech ëmmer séier.* | Fiaker |
| Freideg | 31 | *Schéckt een en Iesel fort, da kënnt en Dabo erëm* | Arri |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




ARELER LAND A SPROOCH

1990

*Zéien d'Vullen nët fort*
*vir Méchelsdag,*
*da kënnt vir Krëschtdag*
*kee Wanter.*

## Séilen : D'Schoul.

# September-Hierschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | *Schéi Fiedere maache schéi Vullen* | Jhiddi |
| **Sonndeg** | **2** | *Schéi Lidder bleiwen am Verhalt, geléinte Geld vergëesst ee gär* | Bittgang op Kaschbur |
| Méindeg | 3 | *Selwer iesse mécht fett* | Gregg |
| Dënschdeg | 4 | *Se sin nët all fromm déi laang Rousekränz droen* | Roseli |
| Mëttwoch | 5 | *Setz e Fräsch op e Stull, hie sprëngt ëmmer erëm hannescht a säi Pull* | Lori |
| Donneschdeg | 6 | *Sich der eng Fra déi dir gefällt, nët denen aneren* | Bertram |
| Freideg | 7 | *Sich d'Käärz am Do déi-s de owens brauchs* | Klodoald |
| Samschdeg | 8 | *Sief e bëssche frou mat mer, awer fuer virun* | Mariagebuurt |
| **Sonndeg** | **9** | *So Guddes vun der Bréck wou-s d'iwwergees* | Alli |
| Méindeg | 10 | *So ni Gäns zu dénger Fra, well du bas de Gepleimten* | Innes |
| Dënschdeg | 11 | *Soulaang d'Fräche viru Maarksdag jäizen, soulaang hale se duerno stëll* | Addelf |
| Mëttwoch | 12 | *Takt as de Verstand vum Häärz* | Viktoria |
| Donneschdeg | 13 | *'T as besser eng al Box flécken ewéi eng nei puffen* | Ammes |
| Freideg | 14 | *'T as besser eng Gromperenzopp am Fridden um Dësch, ewéi eng Kotelett am Sträit* | Kräizdag |
| Samschdeg | 15 | *'T as besser um Späicher eleng wunnen ewéi mat enger rosener Fra um éischte Stack* | Rolles |
| **Sonndeg** | **16** | *'T as éischter gesot ewéi gedoen* | Editt |
| Méindeg | 17 | *'T as kee bessere Fréndchen ewéi den egene Méndchen* | Lampert |
| Dënschdeg | 18 | *'T as kee Bur esou klor e gët alt emol dréif am Jor* | Rischild |
| Mëttwoch | 19 | *'T as kee méi daf ewéi een deen nët wëll héieren* | Milli |
| Donneschdeg | 20 | *'T as keen Dimmer esou uerg, e geet eriwwer* | Dawwi |
| Freideg | 21 | *'T as méi liicht e Lach an 't Waasser ze man, ewéi e Frang vun engem Gäizhals ze kréien* | Mätti |
| Samschdeg | 22 | *'T as méi liicht e Sak Fléi hidden, ewéi e verléiftend Framënsch* | Morris |
| **Sonndeg** | **23** | *'T as nët alles Botter wat d'Kou gët, sot de Bauer, dun huet en an e Kouflapp getratt* | Kosi |
| Méindeg | 24 | *'T as nët 't Geld, d'Fraleit rejhéieren d'Welt* | Jhier |
| Dënschdeg | 25 | *'T Bestueden as e gudden Zonk ëm den Efalt* | Hermann |
| Mëttwoch | 26 | *'T deet nët gutt eleng ze sin, souguer am Paradäis.* | Koum - Dammi |
| Donneschdeg | 27 | *'T deckt ee kee Feier mat Kuelen zou* | Fënz |
| Freideg | 28 | *'T duerf kee sech op 't Gléck versteiwen : d'Rouse falen, d'Där déi bleiwen.* | Wenzel |
| Samschdeg | 29 | *Tëscht de Blummen an de verléiften Häärzer besti geschäftlech Bezéiongen.* | Méchel |
| **Sonndeg** | **30** | *'T geet alles der Gonscht no* | Jhirem |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ




Heeschtert : Den Elcherterwee.

1990

*As am Oktober 't Wieder hell*
*Du kënnt och de Wanter schnell.*

# Oktober - Wäimount

## Gromperemount - Reismount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | 'T geet ee keen hannert d'Heck sichen, wou ee selwer fond as gin | Tréischen |
| Dënschdeg | 2 | 'T geet nët duer an d'Hänn ze späizen, 't muss een och zougräifen | Liutwin |
| Mëttwoch | 3 | 'T geet u mat Këss a Leck, 't hält op mat Sträit an Zeck | Gierend |
| Donneschdeg | 4 | 'T Geld verdreift villen de Schof | Fraassi |
| Freideg | 5 | 'T gët näischt esou reng gestiicht, et kënnt um Enn dach un d'Dagliicht | Blumm |
| Samschdeg | 6 | 'T Gléck gläicht engem Diamant an de Pleséier enger Dräps Waasser | Brunnes |
| **Sonndeg** | **7** | 'T Gléck läit am Geschéck | Zersch |
| Méindeg | 8 | 'T Gold huet keng Zong, mä wann et schwätzt, bleiwen s'all stëll | Pellajhi |
| Dënschdeg | 9 | 'T gouwen der schon helleg gesprach déi 't Schwäi gehutt hun | Dënni |
| Mëttwoch | 10 | 'T huet nach keng Kou um Kallef gesoff | Jhislîn |
| Donneschdeg | 11 | 'T kann een nët zwéin Hären zegläich déngen | Firmi |
| Freideg | 12 | 'T kann een u sénge Bire gesinn, wann den anere Leit hir zeideg sin | Wilfer |
| Samschdeg | 13 | 'T kritt keen eppes mat | Jherald |
| **Sonndeg** | **14** | 'T Leed wiisst mat de Kanner | Kallist |
| Méindeg | 15 | 'T mécht ee kee Knuet mat enger Hand | Tréisi |
| Dënschdeg | 16 | 'T mécht ee méi fir déi déi ee fäärt, ewéi fir déi déi een uecht | Gall |
| Mëttwoch | 17 | 'T mécht een zweemol Guddes wann een diskret as | Baldwin |
| Donneschdeg | 18 | 'T muss een de Kanner en ale Papp versuergen | Laukes |
| Freideg | 19 | 'T muss een e klenge Fësch an 't Waasser werfen fir en décken ze fänken | Renert |
| Samschdeg | 20 | 'T muss een 't Geld vun de Liewegen huelen, vun den Doudege kritt een näischt | Wendelin |
| **Sonndeg** | **21** | 'T pléckt ee keng Kiischten op engem Dännebam | Urschel |
| Méindeg | 22 | 'T schléisst ee Frëndschaaft mam Elefant an 't tréppelt een op d'Seechomes | Loddi |
| Dënschdeg | 23 | 'T schwätzt ee wuel vum villen Drénken, iewel nët vum villen Duuscht | Jhang |
| Mëttwoch | 24 | 'T sin nët déi Kleng, ma déi Grouss déi esou dack klenglech denken an donken | Ewergil |
| Donneschdeg | 25 | 'T sin nët déi schlecht Friichten un denen d'Haraspelen naschelen | Angelram |
| Freideg | 26 | 'T sin nët elauter Frënn déi sech ulaachen | Dimm |
| Samschdeg | 27 | 'T soll een an der Friemt näischt man, wouriwwer ee sech doheem muss schummen | Eemlin |
| **Sonndeg** | **28** | 'T soll een näischt vun de Wantersaachen ausdonken bis d'Kiischten op enger Säit rout sin | Simm - Judd |
| Méindeg | 29 | 'T soll een nët hoppla soen, dees 't wär een driwwer | Ermelind |
| Dënschdeg | 30 | 'T soll een nët kräischen bis ee geschlou as | Dor |
| Mëttwoch | 31 | 'T soll ee sech nët gin esou laang nach eng Kniddel am Däppen as | Wollefchen |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ



AREL LER – LAND A SPROOCH

1990


*Wann am November*
*'t Waasser opgeet*
*Do gët et*
*en naasse Summer.*

Elchert : Ëm de Wäschbur.

# November-Wantermount
## Allerhelgemount-Niwwelmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | *'T soll ee sech nët mat Krethi a Plethi ofgin* | Allerhellegen |
| Freideg | 2 | *'T stréckt ee keen Hond mat Wurschten un* | Allerséilen ○ |
| Samschdeg | 3 | *'T wiisst kee Bam an den Himmel* | Haupert |
| **Sonndeg** | **4** | *Vill Hänn lässche vill Bränn, awer se sin der Däiwel am Zoppekomp* | Imri |
| Méindeg | 5 | *Vill Heder, vill Kabes* | Zilwi |
| Dënschdeg | 6 | *Vill Honn sin dem Hues säin Doud* | Léinert |
| Mëttwoch | 7 | *Vill Kanner, vill Vatteronser* | Willibrord |
| Donneschdeg | 8 | *Virun engem Hielenter soll een den Hutt ofdun* | Goffert |
| Freideg | 9 | *Vrun all Graf gët eise Verstand kleng* | Téidi ◑ |
| Samschdeg | 10 | *Vum Gewonn liewen d'Leit, vum Bedruch klede se sech* | Leo |
| **Sonndeg** | **11** | *Wann all Ondugenden al sin, as de Gäiz nach jonk* | Määrten |
| Méindeg | 12 | *Wann d'Dommheet besteiert géif, da wär hien den déckste Bierger aus der Stad* | Kréschtjänn |
| Dënschdeg | 13 | *Wann de Fuuss priedegt, pass op déng Gänsen op* | Brix |
| Mëttwoch | 14 | *Wann der Däiwel hongreg as, da frësst e Fléi* | Siddoni |
| Donneschdeg | 15 | *Wann der Däiwel 't Päärd huet, da kann en och de Suedel huelen* | Äbbi |
| Freideg | 16 | *Wann de Wäi schlecht ausfällt, dann hun d'Miseler keen Ergraff* | Gréidi |
| Samschdeg | 17 | *Wann d'Fiiss haulen, da gët et uerg kal* | Lissbett ● |
| **Sonndeg** | **18** | *Wann d'Fræ hexe kënnten, hätte se ëmmer Geld* | Oddo |
| Méindeg | 19 | *Wann d'Gäns wéischt sin, da päife si* | Mechtill |
| Dënschdeg | 20 | *Wann d'Geess bei de Bock war, da soll s'och bëtschelen* | Edmo |
| Mëttwoch | 21 | *Wann ee kee Geld huet, as 't Brout deier* | Ruff |
| Donneschdeg | 22 | *Wann een d'Gerechtegkeet béit, da brécht se* | Zëssil |
| Freideg | 23 | *Wann een nët huet wat ee gär huet, da muss een dat gär hu wat een huet* | Klëmm |
| Samschdeg | 24 | *Wann ee selwer Dreck um Bengel huet, soll een nët bei aner schnoffele goen* | Flora |
| **Sonndeg** | **25** | *Wann et engem gutt wëllt, da kann een an engem Emer Waasser erdrénken* | Kätti ◐ |
| Méindeg | 26 | *Wann 't Liewen däischter gët, as 't Geld déi bescht Luucht* | Delfin |
| Dënschdeg | 27 | *Wann 't Feier am Stréi as, dann as kee Läsches méi* | Astrid |
| Mëttwoch | 28 | *Wa Plaz am Häärz as, dann as der och am Häus* | Jhokes |
| Donneschdeg | 29 | *Wat de Gäiz méi huet, wat ëm méi ofgeet* | Zerni |
| Freideg | 30 | *Wat der Däiwel eemol huet, wat e méi wëllt hun* | Ander |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ


Souvenir de Athus. Vue de l'église.

1990

*Am Dezember vill Schnéi gët vill Fruucht a vill Kléi.*

## Attem : Ee Bléck zur Kiirch.

# Dezember - Krëschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | *Wat d'Fra ëmsou manner kommandéiert, wat de Mann méi follegt* | Alluis |
| **Sonndeg** | **2** | *Wat d'Fra spuert as esou gutt ewéi dat wat de Mann verdéngt* | Adwent |
| Méindeg | 3 | *Wat eng Fra nët weess, dovu seet se näischt* | Xaff |
| Dënschdeg | 4 | *Wat méi geléiert, wat méi verkéiert* | Bäärbel |
| Mëttwoch | 5 | *Wat notzt mer e gëlle Gaalgen, wann ech muss drun hänken.* | Sabbes |
| Donneschdeg | 6 | *Wéi den Här, esou de Kniecht, wéi de Bauer, esou séng Friicht* | Niklos |
| Freideg | 7 | *Wéi den Här, esou 't Geschir* | Ambros |
| Samschdeg | 8 | *Wéi eiser Härgott de Gehaansbierg eropgong, dann as ëm Butschebuerg aus der Hatt gefall* | Fridda |
| **Sonndeg** | **9** | *Wéi glécklech den Éiestand, wou Mann a Fra gin Hand an Hand* | Gorgonia |
| Méindeg | 10 | *Wie freides laacht, deem säi Sonndest kraacht* | Milti |
| Dënschdeg | 11 | *Wie Fréiop heescht behält den Numm a wann en och bis mëttes géif leien.* | Danni |
| Mëttwoch | 12 | *Wie gär Fridden hätt, muss de Krich virbereden* | Jhänni |
| Donneschdeg | 13 | *Wie gär geet, freet nët laang* | Lazéi |
| Freideg | 14 | *Wie kal Hänn huet dee fënnt d'Jhatt nët waarm* | Uddel |
| Samschdeg | 15 | *Wiel déng Fra nët mat den An awer mat den Oueren* | Ninni |
| **Sonndeg** | **16** | *Wien an der Feel as, entschëllegt sech* | Addeléid |
| Méindeg | 17 | *Wien d'Eër gär huet, muss d'Käckse kënne verdroen* | Lazert |
| Dënschdeg | 18 | *Wien dech fäärt wann-s de do bas, schuet der wann-s de fort bas* | Winnibald |
| Mëttwoch | 19 | *Wien duurch Eech kënnt ouni Spott, deen huet eng besonner Gnod vu Gott* | Urbéng |
| Donneschdeg | 20 | *Wien eemol alles seet, weess duerno näischt méi* | Abram |
| Freideg | 21 | *Wien e gudde Frënd huet, brauch kee Spigel.* | Jhakob |
| Samschdeg | 22 | *Wien eng Éil hält beim Schwanz, huet se weder hallef noch ganz* | Fränzelchen - Zaff |
| **Sonndeg** | **23** | *Wien eng Schéi Fra huet, brauch méi ewéi zwéin An* | Dagobär |
| Méindeg | 24 | *Wien näischt an en neit Häus bréngt, fënnt och näischt* | Addeli |
| Dënschdeg | 25 | *Wien un de Gaalge gehéiert, fällt nët an 't Waasser* | Krëschtdag |
| Mëttwoch | 26 | *Wie sech mat Geld bestued, gët mat Geld bezuelt* | Steffen |
| Donneschdeg | 27 | *Wou Dauwe sin, do fléien der hin* | Jhängelchen |
| Freideg | 28 | *Wou et mat fënnef Frang duergeet, gebrauch keng zéng* | Kasper |
| Samschdeg | 29 | *Wouvun 't Häärz voll as, dovu leeft de Mond iwwer* | Daw |
| **Sonndeg** | **30** | *Zevill gescheit as domm* | Rosch |
| Méindeg | 31 | *Zevill Käch verdierwen de Bräi* | Zilwester |

DRÉCKEREI REPRO 2000 ZU NIDDER-JÄIZ